

M. le Président. - D'Diskussioun as ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, ech bieden ee Moment ëm Är Opmierksamkeet. Ech gesinn, datt et rapid virugeet mat eisem Ordre du jour, an et wär gutt, wann derfir gesuergt géif gin, dass genuch Deputéiert hei sin, fir dass mer eise Programm de Moie kënnen erledigen an och driwwer ofstëmmen. Mir hun nach dräi Projetën, an et sin nach nët vill Riedner agedroen, also misst dat, ménger Ansicht no, méiglech sin. Dat setzt awer viraus, datt genuch Leit do sin.

Mir fuere viru mat eisem Ordre du jour a kommen zum Projet de loi 4452 iwwer d'Konventioun Europol. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Mme Lentz, den Här Ripinger, den Här Kollwelter, den Här Huss an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, den honorablen Här Jean-Pierre Klein.

4. Projet de loi 4452 portant approbation du Protocole établissant, sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne et de l'article 41, paragraphe 3 de la Convention Europol, les privilèges et immunités d'Europol, des membres de ses organes, de ses directeurs adjoints et de ses agents, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes

M. Jean-Pierre Klein (LSAP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif uknäppen un dat, wat elo grad den Här Helminger gesot huet iwwer d'Privilegien an d'Immunitéiten am allgemengen.

Bei Geleënheet vum der Diskussioun vum deem Projet de loi iwwer d'Privilegien an d'Immunitéite vum den Agenten an den Organer vum Europol huet Commission des Affaires étrangères et européennes gesot, datt ee misst eng Kéier eng global Diskussioun ukuerbelen iwwer d'Privilegien an d'Immunitéiten, wéi se haut funktionnéieren. Et as festgestallt gin, dass hir Aféierung an eng Zäit zrëckgeet, wou dat eventuell nach hätt kéinte berechtegt sin. Haut sollt een eng global Diskussioun féieren, well et as schwéier verständlech fir deen normale Stierflechen, wann enumer erëm nei Privilegien an Immunitéiten agefouert gi bei wuessender Schafung vum internationalen a besonnesch europäeschen Organisatiounen an Institutionen.

Dëse Protokoll, dee mer sollen approvéeieren, as virgesinn an der Konventioun Europol, déi duerch d'Gesetz vum 27. Mee 1998 ratifizéiert gin as. Mir wëssen, wat d'Konventioun Europol fir eis bedeit, nämlech en Instrument fir d'Bekämpfung vum der internationaler graver Kriminalitéit, ënner anerem Terrorismus, Drogen- a Mënschenhandel. Dat as en Objekktiv, dat vun enger grousser

Majoritéit guttgeheescht gët. Dëst Objektiv as am Interesse vun all eise Biirger.

Den Artikel 41 vun der Konventioun Europol gesäit vir, datt e Protokoll soll definéieren, wat fir Immunitéiten a Privilegien Europol an d'Membere vu sängen Organer solle kréien, fir hir Aufgab esou effikass wéi méiglech kënnen duerchzuféieren. Ech wëll hei awer betounen, dass déi Immunitéiten a Privilegien nëmmen d'Agenten vun den Organer vum Europol betreffen, dass d'Membere vun der Famill dovun ausgeschloss sin, sief dat de Conjoint oder d'Kanner. Et as also eenzeg an eleng fir déi, déi bei Europol tätég sin.

Europol als Organisatioun kann och eréischt séng Aktivitéit ophuelen, wann dëse Protokoll vun alle Memberstaten approvéeiert as. Dofir as et wichteg, wa mer Europol eng wichteg Roll zougestin, dass dëse Protokoll esou séier wéi méiglech approvéeiert gët. An der Diskussioun iwwer d'Konventioun Europol sin hei Bedenken ugemellt gin iwwer d'Immunitéiten an d'Privilegie fir dës nei Institution an hir Memberen. De Conseil d'Etat huet och deemools an deem Sënn Kriticken ubruecht a gesot, dass dës Privilegien an Immunitéite sollten op den Exercice vun de Fonktiounen vum Europol a sénge Membere begrenzt gin.

De Protokoll, dee mer hei virleien hun, geet an déi Richtung: d'Immunitéiten an d'Privilegie gëllen nëmme fir d'Ausféierung vum den Agenten hirer Aufgab. De Protokoll mécht och eng Differenz tëscht der Immunitéit vun der Organisatioun selwer an hiren Agenten, an nach eng Kéier: d'Membere vun der Famill vun den Agenten sin ausgeschloss.

Europol huet d'Immunité de juridiction, wat d'Responsabilitéit vun onkorrekten Donnëen ubelaangt. Wann Europol onkorrekt Donnëe weidergin huet, as dee Stat responsabel, wou de Schued entstanen as. Den Artikel 38.2 vun der Konventioun Europol gesäit allerdéngs a bestëmmte Fäll Recoursméiglechkeet vir.

D'Gidder an d'Fonge vum Europol, egal wou se sech befannen, kënnen nët enger Perquisitioun, Saisie oder anere Contrainten ënnerworfen gin.

Den Archiv vum Europol as inviolabel.

De Protokoll gesäit vir, awéiwäit datt Europol vu Steieren op sängen Immobilien a bewegleche Gidder entbonnen as an ënner welleche Konditiounen datt Europol dës Gidder ka veräusseren.

Erliichterungen an Immunitéiten, wat d'Kommunikatioun ubelaangt, si festgehalen.

D'Memberstate sin och gehalen, den Agenten vum Europol, déi an offizieller Missioun sin, hir Rees an hiren Openthalt ze erliichten.

Wat elo d'Privilegien an d'Immunitéite vum de Membere vun den Organer a vum Personal vum Europol ubelaangt, esou hu se laut dem Artikel 32 vun der Konventioun eng Obligation de confidentialité et de réserve. Si hun och an der Ausübung vum hiren offizielle Fonktioun

nen d'Immunité de juridiction wat hir mëndlech a schréftlech Aussoë betrëfft. Hir Pabeieren, Dokumenter an hiirt offiziell Material as inviolabel. Laut dem Artikel 10 vum Protokoll as vun deem Personal vun Europol, dat e Kontrakt vun iwwer engem Joer huet, um Salaire eng Steier un Europol ze bezuelen.

D'Immunitéite kennen awer och Ausnamen. Si schléissen d'Action civile aus, dat eng Drëttperson ka geltend maache fir Kierperschied oder aner Schied, déi bei Geleënheet vun engem Autosaccident verursaacht gi sin. D'Immunitéit kann och opgehuewen gin. D'Privilegien an d'Immunitéite gin accordéiert ausschliesslech am Intérêt vun Europol, an nët am Intérêt vun dene betraffene Persounen, déi bei Europol eng Missioun hun. Den Direkter vun Europol muss d'Immunitéit ophiewen am Fall, wou se d'Aktioun vun der Justiz géif behënneren, a wou e se kann ophiewen, ouni d'Intéresse vun Europol ze schiedegen.

Dem Direkter vun Europol, dem Contrôleur financier an de Membere vum Comité budgétaire hir Immunitéit gët gegebenefalls vum Conseil d'administration vun Europol opgehuewen. Den Artikel 13 vum Protokoll gesäit och vir, wéi de Konflikt bei Schwäregketen am Fall vum Ophiewe vun den Immunitéite soll geléist gin.

D'Regierung huet vum Secrétaire général vum Conseil vun der europäescher Unioun matgedeelt kritt, datt hire Service juridique festgestallt huet, datt eng Erreur matérielle am Artikel 16 vum dësem Protokoll entdeckt gin as, dat am franséischen Text, deem hei irrläit. Dës Matdelung huet d'Regierung den 10. Dezember kritt, also een Dag, nodeem dass d'Commission des Affaires étrangères et européennes de Rapport zu dësem Projet de loi ugeholl hat. Doropshin huet de Justizminister de Staatsrot befaasse gelooss mat der Korrektioun vum Text vum Artikel 16, méi genee de Paragraphen 2, 3 a 4, deem Text, deem am Artikel 18 figuréiert an och dohi gehéiert. D'Paragraphen 2, 3 a 4 vum Artikel 16, deem d'Adhésioun vun de State betrëfft, sollen elo folgendermoossen ausgesinn - de Conseil d'Etat huet kee Problem gesi bei dëser Rektifikatioun, déi materieller Natur as -:

"1. Le présent protocole est ouvert à l'adhésion de tout Etat qui devient membre de l'Union européenne."

Elo kommen déi verbessert Texter:

"2. Les instruments d'adhésion sont déposés auprès du dépositaire.

3. Le texte du présent protocole dans la langue de l'Etat adhérent, établi par le Conseil de l'Union européenne, fait foi.

4. Le présent protocole entre en vigueur à l'égard de l'Etat adhérent quatre-vingt-dix jours après la date du dépôt de son instrument d'adhésion ou à la date d'entrée en vigueur du présent protocole, s'il n'est pas encore entré en vigueur au moment de l'expiration de cette période de quatre-vingt-dix jours."

An engem Rapport complémentaire huet gëschter d'Commission des Affaires étrangères et européennes dës Verbesserung guttgeheescht.

Zwee Jor nom Akraafttriede vun dësem Protokoll gët eng Bewäertung driwwer gemaacht ënner der Opsicht vum Verwaltungsrot. Et sief nach eng Kéier ënnerstrach, dass d'Immunitéiten nëmmen zougestane gi fir offiziell Akten, déi am Kader vum Artikel 3 vun der Konventioun Europol ausgefouert gin, dat heescht am Kader vun de jëtzege Kompetenze vun Europol. Wann eng Ännerung oder eng Extensioun am Kader vum Artikel 3 vun der Konventioun géif kommen, muss eng nei Bewäertung vun dësem Protokoll kommen, besonnesch wat d'Immunitéite vun de Membere vun den Organer a vun de Membere vum Personal vun Europol ubelaangt.

Dir gesitt, Dir Dammen an Dir Hären, dass dëse Protokoll nët onverännerlech bleift, mä dass e kann un nei Émstänn ugepasst gin. Mir wëssen, dass Europol eng wichteg Roll an der Bekämpfung vun der internationaler graver Kriminalitéit soll spillen. Mir si fir déi Bekämpfung. Europol kann allerdéngs eréischt aktiv gi mam Akraafttriede vun dësem Protokoll, an dofir géif ech d'Membere vun der Châmber bidden, dësem Protokoll an dësem Projet de loi zouestëmmen, an dat as och d'Mennung vun der Commission des Affaires étrangères et européennes. Ech géif och den Accord vu ménger Fraktioun dozou gin.

M. le Président.- Als éischt Diskussionsriednerin as d'Mme Marcelle Lentz-Cornette agedroen. D'Mme Lentz huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Marcelle Lentz-Cornette (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well ech héieren hun, datt Dir méi séier virukomme wëllt, fir déi aner Projeten och nach duerchzehuelen, wärd ech dann op méng Ried verzichten a jhust nëmmen den Accord vu ménger Fraktioun bréngen.

Ech wëll dem Här Klein och nach eng Kéier fir déi Aarbecht félicitéieren, déi hie sech gemaacht huet.

Mir fannen et ganz wichteg, datt déi Agenten, déi bei Interpol beschäftegt sin, och eng Immunitéit genéissen. Ech hun allerdéngs gëschter an enger Zeitung gelies, datt dräi jonk Däitscher et fäerdegruecht hun, fir an de Computer vun Interpol ze kommen. Dat huet elo nët direkt eppes mat der Immunitéit ze din, mä et léisst awer drop schléissen, datt dat guer nët esou sécher as.

Si musse wirklech protégéiert gin. Déi Protektioun riicht sech natiirlech un éischter Stell un déi Leit, déi sech do ëm d'Bekämpfung vum internationale Crime bekëmmern.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei hat sech beim Accord Europol enthalten. Ee vun de Punkten, mat dene mir nët d'accord waren, sin d'Immunitéiten, déi an deem Accord drastin. Mir hun och bei där Interventioun eng ganz Rei vun Defiziter vun Europol opgeléicht.

Et as allerdéngs nët esou, wéi wa mir nët kéinten domat d'accord sin, datt eng europäesch Police besteet, där hir Missioun et as, Renseignement ze kréien an déi dann un déi national Police virunzegin. Dat as eng gutt Saach, besonnesch am Kampf géint déi grouss, international Kriminalitéit.

Mir hun notammet kritiséiert, datt déi Leit, déi bei Europol beschäftegt sin, an enger Tour d'ivoire sëtzen. Si brauche fir hir Aufgaben nët onbedéngt eng Immunitéit. Déi national Police a Gendarmerie, déi ganz oft a Kontakt mat groussen, internationale Kriminelle sin an Interventiounen maachen, wou si hiert Liewen asetze mussen, hu keng Immunitéit. Et muss ee sech also d'Fro stellen, ob déi Leit, déi nëmmen do sin, fir Renseignement ze kréien a virunzegin, wirklech eng international unerkannten Immunitéit mussen hun.

Mir hun och kritiséiert, datt deen Office Europol kengem Contrôle parlementaire ënnerläit, dat heescht, datt déi Organisatioun sech auto-gestionnéiert. Et gët guer kee Contrôle, weder vun den nationale Parlamenter, nach vu soss enger europäescher Organisatioun. Dat kann dach nët sin! Mir wëssen och nach zousätzlech, datt mir am Traité vun Amsterdam eng Dispositioun gestëmmt hun - op déi mir allerdéngs opmiirkam gemaacht hun -, wou 5 Jor nom Antriede vum Amsterdamer Vertrag den Europol um Terrain operationell gët. Da sin d'Donnéen an d'Prinzip ganz anescht.

Mir si géint de Prinzip, datt déi Leit eng Immunitéit sollen hun. Mir sin do nët déi eenzeg. Am däitsche Bundestag - wéi CDU/CSU an d'FDP d'Koalitioun nach gebilt hun - as folgendes gesot gin: „Dabei wiesen CDU/CSU und FDP im Rahmen eines ebenfalls vom Plenum angenommenen Schliessungsantrags ausdrücklich drauf hin, dass nur, weil es auf der deutschen Seite gelungen sei, die persönliche Amtsimmunität von Europolbeamten zu beschränken, das Vertragsgesetz zum Protokoll überhaupt verabschiedet werden kann. Die SPD verdeutlichte, für sie sei Europol grundsätzlich ein Schritt in die richtige Richtung, der Inhalt des Europol-Immunitätsprotokolls hielt die Fraktioun aber für anachronistisch, weil die Europäische Union sich zum Binnenland hin entwickeln werde.“ Dir gesitt, datt och am däitsche Bundestag kritesch Stëmmen zu där ganzer Fro vun der Immunitéit ze héiere waren. Mir sin also géint de Prinzip an d'Etendue vun där Immunitéit.

Et gët iwwerall gesot - vum Staatsrot an och vum Rapporteur -, datt mir eng Kéier iwwer déi Saach schwätze mussen. Bien entendu muss doriwwer geschwat gin, well et sin nach e puer europäesch Organisatiounen, déi eng Immunitéit kréie sollen, am Géigesaz zum Här Weiler, deen hei zu Lëtzebuerg d'Immunitéit vun den Deputéierten aschränken, wann nët souguer ortschaft wëll.

(Interruptions)

Mir mussen d'Immunitéit fir d'éischt emol definéieren. Mir hun eng ganz Rei Immunitéiten. Mir hun déi vun de Chefs d'Etats, wat eng komplett Inviolabilitéit an Irresponsabilitéit as. Mir hun d'Immunitéit vun den Diplomaten, vun den europäeschen an internationalen Organisatiounen, a mir hun d'Immunitéit vun de Politiker.

Wat as esou eng Immunitéit iwwerhaupt wäert? A verschiddene Länner gët d'Immunitéit respektéiert, an anere Länner gët jhust de Konträr gemaacht. Déi ganz Immunitéitsgeschicht huet also e gewëssene Nogeschaach. Et soll ee sech do emol eng genau Definitioun iwwerleien. Mir wësse jo awer och, wéi d'Lëtzebuerger Jurisprudenz d'Immunitéit interpretéiert.

Zum Schluss wëll ech nach drop hiweisen, datt gesot gët, datt d'Immunitéit vun den europäesche Polizisten - wat jo en europäeschen FBI gët - sech jhust op dat beschränke soll, wat si am Intérêt vun hirem Beruff maachen. Am Artikel 41, alinéa 2 vun der Konventioun, déi d'Majoritéit hei gestëmmt huet, steet ganz klor dran: „Le Royaume des Pays-Bas et les autres membres conviennent, en termes identiques pour les officiers de liaison envoyés par les autres membres, ainsi que pour les membres de leur famille, des privilèges et immunités nécessaires à l'accomplissement en bonne et due forme des tâches des officiers de liaison.“ Am Vertrag selwer iwwer Europol as en Artikel, wou déi Privilegien an Immunitéite ganz klor drastin. Do steet ganz klor dran, datt déi Privilegien an Immunitéite sech och op d'Membere vun hirer Famill ausdenen. Entweder suppriméiert de Vertrag d'Annexe oder et as eng Kontradiktioun tëschent dem Vertrag an der Annexe.

(Interruptions)

Ech kann nëmmen dat liesen, wat do steet. Am Artikel 41, alinéa 2 steet, datt déi Privilegien an Immunitéiten och op d'Membere vun der Famill ausgedeckt gin. Dovu ka kee mech ofbréngen. Ech ka jo awer sécher nach liesen. Ech verstü jo awer och nach franséisch.

Mat denen Observatiounen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech Iech da soen, datt mir deen Text hei nët stëmme kënnen. Mir maachen et esou wéi bei der Konventioun Europol, dat heescht, datt d'Demokratesch Fraktioun sech bei dësem schlechte Verfaagswierk enthält.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir als Gréng wäerten eis hei nët enthalten, mä mir wäerte radikal géint dëse Protokoll iwwer d'Privilegien an d'Immunitéite vun den Europolbeamten stëmmen. Éischters gin eis déi Privilegien an Immunitéiten ze wäit, an zweetens si mir nach ëmmer skeptesch, wat den Europol insgesamt ubelaangt. Aus Zäitmangel kënne mir haut leider nët méi op den Detail vun eiser Haltung vis-à-vis vun Europol agoen. An der Diskussioun vum 7. Mee hat ech dat awer gemaacht. Ech

wëll awer am Telegrammstil e puer Haaptkriticke widderhuelen, déi mir nach ëmmer oprechterhalen.

Ech wëll och direkt soen - fir datt kee Mëssverständnis opkënn - , datt déi Gréng selbstverständlech och der Meinung sin, datt ee géint de sougenannte Crime organisé virgoë muss. Dee Crime organisé huet sech virun allem zënter dem Zesummebroch vun der Sowjetunioun an dem sougenannte sozialistesch Lager an Ost-Europa immens verstärkt. Do as et zu enger Deregulierung an enger wëller Privatisatioun vun alle méigleche Saache komm, am Klima vun enger sozialer a wirtschaftlecher Kris sin ëmmer méi mafios Banden opkomm.

Besonnenesch wann een dat lescht Buch iwwer de Crime organisé vum Jean Ziegler aus der Schwäiz gelies huet, da weess een, wat fir eng Geforen duerch déi russesch, kaukasesch oder tchetchenesch Mafia asw. komme kënnen. Mir hun also näischt géint eng international Zesummenaarbecht, fir der Kriminalitéit d'Stir ze bidden.

Mir sin awer der Meinung, datt Europol eng Rei vu Gebuertsfeieren hat.

En éischte Feler war dat ondemokratescht Zustanekomme vum Europolvertrag, ouni prélabel parlamentaresch Diskussioun, weder um nationalen, nach um europäesche Plang.

En zwete Feler as d'Ausdehnung vun de Kompetenze vun Europol. Wéi mir de Vertrag am Mee gestëmmt hun, war e schon nët méi aktuell, well a Maastrichter Vertrag gët scho vun enger Erweiderung vun de Kompetenze geschwat. Wéi wäit déi Kompetenzen nach an Zukunft ausgedeeent gin, as onklar.

En drëtten Feler as deen, datt am Vertrag zwar vu Präventioun geschwat gët, mä awer keng wirklech Präventioun vun der Kriminalitéit gemaach as. Eng wirklech Präventioun géif bedeuten, datt een op d'Ursache vun der Kriminalitéit agoë misst, esou wéi op déi an Ost-Europa zum Beispill. De wirtschaftleche Verfall an d'sozial Kris féieren zu der ganzer Kriminalitéit: illegal Aarbechter, déi eriwuer bruecht gin, fir um Bau ze schaffen, Fraeprostitutioun asw. . All déi Saache si mat der déiwer Kris am Ostblock opkomm. Wann een eppes preventiv maache wëll, da muss een dene Länner hëllef, fir méi schnell "aus dem Bulli" erauszekommen. Et besteet awer leider häerzlech wéineg politesch Bereitschaft an dene méi räichen europäesche Staten, fir méi eng staark technesch a wirtschaftlech Hëllef do ze gin. Well dat esou as, dierf ee sech nët wonneren, wann déi Kris unhält.

Ech hat a ménger Ried vum 7. Mee och nach gesot, datt do nach eng Rei aner Problemer bestin. Zum Beispill dee mat der Definitioun vun der Kriminalitéit. D'Definitioun vun der Kriminalitéit as jo emol nët déi selwecht an dene verschiddenen europäesche Länner, zum Beispill vum Begrëff Drogen tëschent Holland a Frankräich oder vum Begrëff Terrorismus tëschent der Belsch a Spuenien.

Eng weider Kritik, déi mir haten, war, datt keng ausräichend legislativ a juristesche Kontroll iwwer Europol besteet. Ech wëll do elo nët an den Detail goen, mä et as klar, datt de järeliche Rapport vum Europol, deen dem

Europaparlament iwwerreecht gët, keng genügend demokratesch Kontroll as.

E weidere Punkt as d'Problematik vum Dateschutz. Den Dateschutz as an eisen Aën absolut ongenügend. Bei Europol gi sensibel a wichteg Date gesammelt a gespäichert, an dat nët nëmme vu Kriminellen, mä och vu potentielle Verdächtige, potentiellen Zeien a Begleitpersonen. Et kënnen och Daten iwwer politesch oder reliéis Menunge vu potentielle Betreffene gesammelt gin. Mir fannen, datt dat immens wäit geet. D'Fro, déi sech stellt, as déi, wien dann elo alles vun Europol iwwerwaacht ka gin.

Déi sougenannte Geheimschutzklausel erlaabt et Europol, nëmme dat matzedelen, wat si selwer matdele wëllen. An eisen Aën as de Risiko grouss, datt nët nëmme Daten iwwer Krimineller, mä och nach aner Date riskéieren, do gespäichert a gesammelt ze gin.

Wann een e bësse ronderëm sech lauschart a beispillsweis kuckt, wéi den Iwwerwaachungsstat - ech woen emol dat Wuert hei ze soen - sech weltwäit ëmmer méi organiséiert, brauch een nëmme ze kucken, wat eis Frënn aus den USA oder aus England beispillsweis maachen. Déi lauschtere permanent alles of, souguer wat zum Beispill och déi europäesch Regierungspartner ënnert sech beschwätzen.

Nët méi spët wéi d'lescht Woch war e grousser Rapport am „Nouvel Observateur“, wou nogewise gët, wéi d'Amerikaner - emol nët iwwer de CIA, mä iwwer eng aner Agence - weltwäit jidderee belauschten. Dat sin nët nëmme lauter "Feindeslänner" wéi den Irak, den Iran, Libyen oder Nordkorea; och hir ege Partner an der Europäescher Gemeinschaft gin ofgelauschart. An engem Interview dozou huet de fréiere Presidenteberoder Zbigniew Brzezynski daitlech gesot, datt et naiv wär ze mengen, d'Amerikaner géingen nët méi oflauschteren. Mir wëssen dat selwecht vun den Englänner.

Ech muss soen, datt mir an enger Situatioun sin, wou mir Ängshten hun a Risike gesinn, datt iwwer Europol esou ähnlech Mechanisme vun Iwwerwaachung lafe kéinten, nët nëmme par rapport zu Kriminellen, mä och am politesche Raum.

Wat den Dateschutz ubelaangt, hat den Här Minister Frieden mer de 7. Mee a senger Äntwert do gesot: "An deem Kontext wëllt ech dem Här Huss soen, dass d'Regierung amgaangen as, d'Direktiv iwwer d'Banque de données ze transposéieren an dann dem Parlament virzeleën".

Bis elo as dat méiges Wëssens no awer nët virgeluegt gin, an ech géif also den Här Frieden froen, wéini dass d'Regierung gedenkt, dann endlech dem Parlament dee Projet de loi iwwer d'Transpositioun vun der Direktiv iwwer d'Banque des données virzeleën. Ech géif op eng Äntwert vum Här Minister waarden.

Dann zu der Immunitéit an de Privilegie fir d'Europol-Organer an -Agenten. Ech wollt virdrun awer nach soen, dass eis Kritik par rapport zu Europol nët nëmme zu den Immunitéiten an zu gewëssene Privilegien zielt, mä par

rapport zum Projet Europol insgesamt. Dat as fir eis eng weider Ursaach, fir dergéint ze stëmmen.

Mir sin der Meinung, datt insgesamt an Europa eng Diskussioun iwwer déi sougenannte Privilegie misst gefouert gin; wat viru 40 Jor vläicht sënnvoll war, wéi d'europäesch Institutiounen opgebaut gi sin, as an eisen Aën awer haut ëmmer manner sënnvoll, an och dobauss bei der Bevölkerung gët dat ëmmer manner acceptéiert.

Trotzdem as et elo esou, dass hei erëm eng nei Kategorie vu Beamten an de Genoss vu Steuerprivilegie kënnt, déi am Artikel 8 (2) festgeluegt gin. Mir gesinn nët an, fir wat déi Agenten zum Beispill keng Steieren op hirem Loun brauchen ze bezuelen. Dat sin an eisen Aën Privilegien, déi nët ze justifiéiere sin an och dobaussen natierlech schlecht Blut maahe géint d'europäesch Institutiounen insgesamt. Et as klor, dass mir als Gréng nët kënnen domat d'accord sin.

(Interruption)

Ech kann Iech virlesen, wat ënnert Artikel 8 steet.

"Article 8 (2).- Les membres du personnel d'Europol dont les traitements et émoluments sont soumis à un impôt au profit d'Europol dans les conditions indiquées à l'article 10, bénéficient de l'exonération de l'impôt sur le revenu en ce qui concerne les traitements et émoluments versés par Europol.

Article 10 (1).- Sous réserve des conditions et suivant les procédures fixées par Europol et approuvées par le conseil, les membres du personnel d'Europol engagés pour une durée minimale d'un an sont soumis à un impôt au profit d'Europol sur les traitements et émoluments versés par celui-ci".

(Interruption)

Mir fannen, dass eng Agence nët kann hir ege Steiere festleë fir hir Agenten, mä dass déi Beamte missten der allgemenger Steuer um Revenu ënnerworf gin.

(Interruption)

Här Klein, mir bleiwen do anerer Meinung. Mir mengen, dass insgesamt jidderee soll deem selwechte Steuerbarème ënnerworf gin.

En zwete Punkt bezitt sech op d'Immunitéiten, wou ech virdru scho gesot hun, dass déi eis ze wäit géinge goen, wat d'Europol-Agenten betrëfft. Wou ee kënnt e gewëssent Verständnis dofir hun, dat wir bei Aussoë vun Europol-Agenten viru Geriicht oder fir Aktiounen während hirem Aarbecht. Manner verständlech an och problematesch an eisen Aën as awer, dass déi Immunitéit och nach herno an der Pensioun bestoë bleift, also praktesch op Liewenszäit.

Da gin am Artikel 9 d'Ausnamen definéiert, wéi bei Autosaccidenter, déi vun engem Europol-Agent verschold wieren, wou et Verletzter oder Doudeger gin hätt an da vun esou Leit géif geklot gin. Mä déi Ausnam do as awer eng ganz reduzéiert Ausnam, a mir fannen, dass déi Immunitéit vill zevill wäit geet.

Da kënnt e weidere Problem bei der Immunitéit. Et gët gesot, dass d'Immunitéit vun denen Agenten och kann opgehuewe gin. Mä si kann natierlech nëmmen opgehuewe gi vum Direkter vun Europol, an nëmmen, wann et den Interesse vun Europol nët schued.

Am Artikel 12 (2) steet: "...il peut la lever sans nuire aux intérêts d'Europol". Dat as natierlech esou e Lastik, esou dass ee sech muss d'Fro stellen, ob dann iwwerhaupt jeeools eng Kéier d'Immunitéit vun esou engem Agent géif opgehuewe gin.

Et gët dann zwar an dene Paragraphen hannerdrun nees eng kleng Barriär agebaut, wou steet, selbstverständlech entscheed am wesentlechen den Direkter selwer, wat d'Europol-Interesse sin, mä et ka subsidiäresch vläicht och nach de Conseil d'administration vun Europol ageschalt gin. Mä och do menge mer, dass dee Conseil d'administration vun Europol waarscheinlech déi selwecht ageschränkten Definitiounen huet, wat d'Gesamtinteresse vun Europol ubelaangt, esou dass mer an d'Ophiewe vun der Immunitéit vun den Europol-Beamten nët ganz grousst Vertrauen hun.

Insgesamt si mer der Meinung, dass souwuel wat d'Steuerprivilegien - quitte dass déi vläicht nët esou extrem sin, wéi dat am Ufank gefaart gi war -, wéi och wat d'Immunitéiten ubelaangt, absolut iwwerdriwwe gin as. Et sin Immunitéiten, déi ganz wäit gin, déi an eisen Aën nët seriö genuch kontrolléiert gin, ausser vun Europol selwer, an Europol huet séng egen Intérêtën. Ech muss soen, dass mer doranner kee Vertrauen hun an dofir och nët kënnen fir déi Konventioun hei stëmmen.

M. le Président.- Leschten Diskussionsriedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dir wësst, dass d'ADR-Fraktioun hir Zoustëmmung nët gin hat zu där Konventioun Europol, well mer mat verschiddenen Dispositiounen nët d'accord waren. Dese Protokoll bestäetgt ons an onser Meinung, dass hei munches decidéiert gin as, ouni déi national Parlamentarier irgendwéi ze implizéieren, well soss wir esou e Protokoll, wéi en hei virläit, garantéiert nimools gebuere gin.

(Interruptions diverses)

Mir gin heiansdo gefrot vum Ausseminister, mä deem Abléck, wou et en anere Ministère as, mengt een, dass de Subsidiaritätsprinzip nët misst agefouert gin. Mir schwätzen ëmmer vill dovunner, mä et gët léiwer vu verschiddene Ministeren hannernt zouenen Dire geschafft an d'nationaal Parlament nët mat abezun.

Et as dowéinst, wou et sech dann ergët, dass mer musse feststellen, dass et bei dene ganzen Aktivitéiten vun Europol an och vun de Beamte keng parlamentäresch Kontroll iwwer dës Aktivitéite gët.

Individuell Rechter, déi mir an onsem Land festgehalten a souguer duerch stroferechtlech Sanktiounen ënnermauert hun, gin duerch dës Konventioun a Fro gestallt.

Ech wëll nëmmen den Artikel 2 (2) liesen, wou gesot gët: "Europol jouit de l'immunité de juridiction en ce qui concerne la responsabilité du fait d'un traitement illicite ou incorrect de données".

Wann een also schon esou Saachen an den Text setzt, dann as et scho bal eng Incitation fir d'Donnéen esou ze gebrauchen, wéi si et géinge gesinn. Ech fannen dat nët korrekt.

Wat een och nët ka verstoen, dat as, fir wat et fir déi Beamten noutwendeg as, am Exercice vun hire Missiounen, dass se keng TVA brauchen ze bezuelen, wa se en Auto fir sech perséinlech kafen, well am Artikel 4 (2) steet: "Europol est exonéré d'impôts et droits indirects entrant dans les prix et les biens immobiliers et mobiliers.", esou dass een also ganz gutt iwwer dee Wee kann Autoen a Gebailechketen an engem Land kafen, fir sänge Membere zur Verfügung ze stellen. Ons schéngt dat nët dee richteg Wee ze sin, a mir kënnen domadder nët d'accord sin.

Woumat mer och nët kënnen d'accord sin, dat as, dass d'Emolument an d'Revenuë vun dene Leit sollen exonéiert gin.

Wat de Rapport ugeet, wollt ech awer och nach hiweisen op den Artikel 6 (1), wou sech e klengen Dréckteufelchen am Text erëmfënt beim Wuert "communiquer". Dat nëmmen niewebäi.

Den Artikel 9 vun der Konventioun weist drop hin, dass de Protokoll, dee mer haut diskutéieren, nët seriö diskutéiert gin as. Hei steet dran: "L'immunité accordée aux personnes visées à l'article 8 ne s'étend pas aux actions civiles engagées par un tiers en cas de dommages corporels ou autres, ou d'homicide, survenus lors d'un accident de la circulation causé par ces personnes".

Mir verstinn nët, fir wat déi Immunitéit nëmmen opgehuewe gët am Fall, wou en Autosaccident geschitt as, an an alleguer denen anere Fall, wou eng Persoun zu Schued kennt, an der privater Sphère vun den Aktivitéite vun engem Member vun Europol, kann e souguer zivilrechtlech nët befaangt gin.

Wat och inadmissible as, dat as, dass den Direkter no séngem Gutdünke kann d'Levéie vun der Immunitéit decidéieren. Wann hie mengt, dass et den Intérêt vun Europol schued, da seet en neen, wann e mengt, et géing souwisou näischt bréngen, seet e vläicht jo. Mir fannen, dass mer esou Rechter, déi total abusiv sin, nët dierften an internationale Konventiounen hun.

Aus all dene Grënn kënnen mir nët d'accord si mat der Konventioun, an d'ADR-Fraktioun wärd och géint dese Projet de loi stëmmen.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ganz kuurz um Enn vun deem Débat iwwer de Protokoll iwwer d'Immunitéiten

an d'Privilegie vun Europol a séngen Organer e Wuert vun eiser Sait.

Déi Diskussioun, déi hei geféiert gin as, as eng Diskussioun iwwer d'Noutwendegkeet oder nët vun Immunitéiten. Déi Diskussioun kann ee féieren an engem nationale Parlament. Ech erënnere hei un d'Proposition de révision constitutionnelle vum honorablen Här Weiler. Déi Diskussioun kann ee féieren op engem internationale Plang, wéi bei Europol, wéi beim Conseil de l'Europe, wéi bei der UNO, wéi bei der Europäescher Unioun.

Ech hun nët un dene Verhandlungen hei deelgeholl, well déi sin, wéi Der wësst, schon 1997 ofgeschloss gin, wéi ech nach nët an der Regirung war, mä aus den Akte vun de Beamten aus dem Ministère de la Justice geet ervir, dass effektiv eng Diskussioun stattfund huet a gesot gin as, dës international Organisatioun soll nët anescht behandelt gi wéi all déi aner, well Interpol zum Beispill huet déi selwecht Privilegien an Immunitéiten. D'Diskussioun as also nët geféiert gin, ob een iwwerhaupt soll Privilegien an Immunitéiten hun, wat eng wesentlech Diskussioun as, déi een eng Kéier soll féieren, woubäi ech awer och direkt géing soen, et soll een nët einfach, well dat e populäre Sujet as, zur Konklusioun kommen, dass een all Immunitéit soll ofschafen, mä dass d'Immunitéit jo dofir do as, dass een nët gewëssene Pressiounen ausgesat as, notamment Pressiounen vun deem Land, wou eng Institutioun hire Siège huet.

Dofir gët et zum Beispill och eng Immunité de juridiction vun Europol, grad esou wéi et eng Immunité de juridiction vun den europäeschen Organisatiounen gët, déi zu Lëtzebuerg sin.

D'Europäesch Kommissioun geet nët virun e Lëtzebuerger Gericht, wa si als Institutioun oder hir Leit eppes zu Lëtzebuerg gemaacht hun am Exercice vun hire Fonktiounen, mä si huet spezial Organer, déi dofir zoustänneg sin. Dat selwecht gët bei Europol gemaacht. Dofir halen ech drop ze ënnersträichen, datt déi Privilegien an Immunitéiten hei nët anescht si wéi déi bei aneren internationalen Organisatiounen.

Ech stellen och fest, datt all déi aner Parlaementer deenen Text gestëmmt hun. Sécher si mir ëmmer souverän ze maachen, wat mer wëllen, mä ech ka mer awer schlecht virstellen, datt Lëtzebuerg als eenzegt Parlament dese Protokoll nët géing ratifizéieren, well vun deem Protokoll hänkt och d'Entrée en vigueur vun der Europol-Konventioun of. A vu datt mir dervun iwwerzeegt sin, datt et gutt as, datt et eng europäesch Police-Kooperatioun gët, déi selbstverständlech muss kontrolléiert gin, déi nët egal wat ka maachen, och nët duerch dës Privilegien an Immunitéiten, soll een dese Protokoll stëmmen.

Et as och nët esou, wéi den Här Henckes gesot huet, datt Leit, déi bei Europol schaffen a sech en Auto kafen, keng TVA brauchen ze bezuelen. Et as Europol, dat nët brauch déi TVA ze bezuelen, wéi dat och an deem Protokoll hei steet. Pour le reste as et fir de Schutz vun der Fonktioun, déi déi Leit exercéieren.

Mir halen drop, datt Kontroll besteet bei Europol. Dofir gët et e Conseil d'administration, wou ech drop ge-

halen hun - an dat wëll ech hei der Châmber a besonnesch dem Här Huss soen -, datt eng Zivilpersoun eise Vertrie-der an deem Conseil d'administration wär. Ech hun den éischte Regirungsrot am Justizministère, den Här Schle-der, als Membre effectif an deem Conseil d'administra-tion ernannt. Och aner Länner hun Zivilisten designéiert. Eng Rei Länner hu Polizeioffizéier designéiert.

Selbstverständlech as dee Conseil d'administration responsabel virum Justizministerrot, wou erëm eng Kéier Politiker sëtzen, déi responsabel si viru Parlamenten. Esou as déi ganz Chaîne opgebaut. Et soll ee sech also hei nët doriwwer opregen, mä bien au contraire am Intérêt vum Kampf géint d'Kriminalitéit dëse Protokoll esou wéi d'Konventioun, déi virdru gestëmmt gin as, och stëmmen.

Da wollt ech dem Här Huss op séng prezis Fro änt-waren, wou e mer eng Ausso rappeliert huet, déi ech ge-maacht hun am Kontext vun der Transposition vum der Direktiv vun de Banques de données.

Et as effektiv esou, datt mer e Retard hun an där Transposition. Et sin zwielf Universitären am Mi-nistère de la Justice, wou ech der zwee hu misse beoptra-gen, sech exklusiv mat Réfugiésfroen ze beschäftegen, dem Traitement vun den Demandes d'asile, déi an enger massiver Zuel op eist Land zoukommen, wou d'Regierung nët kann de Flux vun den internationalen Obligatiounen stoppen. Ee vun dene Fonctionnaires as och deen, dee mat der Transposition beschäftegt war. Mäin Zil as et, fir spëtstens am Februar dee Projet de loi portant trans-position vun där Direktiv hei am Parlament ze déposée-ren.

Zum Schluss wëll ech awer och dem Rapporteur merci soë fir séng Aarbecht, déi eis évitéiert, fir nach eng Kéier op de Contenu vun deem Protokoll zrëckzekom-men. Och vu Säite vun der Regierung soë mir dem Här Jean-Pierre Klein villmools merci.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt jhust soen, dass d'Praxis bei de Steieren esou as, dass Europol Autoën oder Haiser keeft a se dann hire Leit zur Verfügung stellt, hors TVA.

Et as an deem Sënn, wou ech et wollt gesot hun.

M. le Président.- D'Diskussioun as ofgeschloss, a mir kommen zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique as gelies an ugeholl.

Mir hun nach aacht Voten ze maache vun dene Geset-zer, déi schon diskutéiert sin, an derbäi kënnt nach, dass eng Question urgente agetraff as, wou de Minister sech bereet erkläert huet, déi direkt ze beäntweren, esou dass ech proposéieren, de Mueren der dräi Berichterstatter vun den nofolgende Projeten ze héieren an dann am Nomëtteg iwwer alles ofzestëmmen.

Déi nächst dräi Projeten gin an enger Diskussioun be-handelt. D'Wuert huet de Rapporteur vun dem Projet de loi 4468, den honorablen Här Lucien Weiler.

5. Projet de loi 4468 relatif au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg et - portant abrogation du cours légal des billets émis par la Banque Internationale à Luxembourg; - modifiant l'article 1er de la loi du 12 juillet 1895 concernant le paiement des salaires des ouvriers

Projet de loi 4469 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

Projet de loi 4187 relative à la sur-veillance des marchés d'actifs financiers

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur du projet de loi 4468.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Virun néng Méint huet d'Châmber eng duebel Reform gestëmmt. Mir hun der Émwendung vum IML zu enger onofhängeger Lëtzebuerger Zentralbank eise Sege gin, a mir waren an engems d'accord, d'Gesetz vun 1979 iwwer d'Lëtzebuerger Währung un d'Konditiounen vum Passage zum Euro unzepassen.

Mir waren deemools der Meinung, Lëtzebuerg géing mat där duebeler Reform all d'Konditiounen fir de Bäitritt zur Währungsunioun vum 1. Januar 1999 un erfëllen. Mir hun effektiv den Opnamexame gepackt. Mir kruten dat beim Bréisseler Sommet vum 3. Mee vun dësem Jor cer-tifiéiert, a mir kruten och certifiéiert, datt eis Législatioun iwwer d'Zentralbank an d'national Währung kompatibel wär mam Traité iwwer d'Währungsunioun a mat de Sta-tute vum europäeschen Zentralbankesystem.

Et hat nët laang gedauert, nodeem mir déi Projeten gestëmmt haten, dass mer eis bewosst gi sin, dass mer déi Gesetzer misste reforméieren. Den Institut monétaire eu-ropeen an d'Bréisseler Kommissioun haten an hire respektive Konvergenzrapporten op e puer - wéi si sech ausgedréckt hun - Imperfektione vun denen Texten, déi mir gestëmmt haten, opmierksam gemaacht, a béid In-stanze waren der Meinung, d'Onofhängegkeet vun der Lëtzebuerger Zentralbank an hir Integratioun an deen eu-ropäeschen Zentralbankesystem missten nach méi dait-lech geregelt gin.

D'Regierung huet du proposéiert, fir en neie Projet an-zebréngen, an zur selwechter Zäit huet se sech décidéiert, fir e Schrëtt méi wäit ze goen: si huet nämlech décidéiert, en neien Organismus ze schafen, dee fir d'Iwwerwaa-chung vun der Finanzplaz sollt zoustänneg sin. Dat war déi Diskussioun, déi mir an der Finanzkommissioun ge-fouert haten, ob een de Contrôle prudentiel sollt loosser am Kader vun där aler Struktur oder sollt en onofhänge-gen Organismus schafen, fir dëse Contrôle ze maachen,